Administration communale
de Reckange-sur-Mess



N°4 :: 2022

Gemengebuet

# Reckeng op der Mess

:: www.reckange.lu

RECKENG OP DER MESS :: ÉILENG :: LAMPECH :: PIISSENG :: RIEDGEN :: WICKRENG

# Impressum

**Editeur responsable:**
Administration Communale de Reckange-sur-Mess
ISSN 2418-442X

**Mise en page:**
Julien Primout

**Textes:**
Julien Primout, Service de la Communication SICONA, Klaus Gröll, SUDenergie, Ministère de l'Environnement, Fairtrade Lëtzebuerg, Macchina d'epoca a.s.b.l., Anthony Heidweiler / Chorale Ste. Cécile

**Rapports des séances du conseil communal:**
Savas Koroglanoglou, Julien Primout

**Photos:**
Julien Primout, CISMR a.s.b.l., LSAP Reckeng-Leideleng, Marc Thorn, Service de la Communication SICONA, Klimapakt-Team, Fairtrade Lëtzebuerg, Macchina d'epoca a.s.b.l., Chorale Ste. Cécile, Carole Beckius

**Réalisation:**
Reka Print +
2a, Zare Ilot-Est
L-4385 Ehlerange
tél.: 48 26 36-1
www.reka.lu

Imprimé sur du papier Circle offset recyclé

KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech

myclimate neutral Imprimé 01-14-561533 myclimate.org

RECYCLÉ Papier fait à partir de matériaux recyclés FSC® C004990 www.fsc.org

## Kennen Sie schon / Connaissez-vous

## SMS2CITIZEN ?

*Um unseren Einwohnern dringende und wichtige Informationen zu übermitteln, hat die Gemeinde Reckingen/Mess* **SMS2CITIZEN** *eingeführt. In Notfällen (z.B. Wasserabschaltung, Straßensperren) kann die Gemeinde so ihre Einwohner unverzüglich per SMS erreichen und informieren. Melden Sie sich jetzt an: 37 00 24 - 26.*

*Pour pouvoir transmettre des informations urgentes et importantes à ses habitants, la commune de Reckange-sur-Mess a instauré* **SMS2CITIZEN**. *Ainsi, en cas d'urgence (coupure d'eau, route barrée, etc.), la commune pourra avertir sans retard les habitants concernés par SMS. Inscrivez-vous dès maintenant par téléphone au 37 00 24 - 26.*

# Index


| | |
|---|---|
| 4 | Virwuert vum Här Buergermeeschter |
| 5 | Préface de Monsieur le Bourgmestre |
| 6 | Annuaire |
| 7-8 | Rapport de la séance du conseil communal du 7 juillet 2022 |
| 9-10 | Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 7. Juli 2022 |
| 11-12 | Rapport de la séance du conseil communal du 18 août 2022 |
| 13-14 | Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 18. August 2022 |
| 15-17 | Rapport de la séance du conseil communal du 29 septembre 2022 |
| 18 | Déi nei CityApp Reckeng op der Mess |
| 19-21 | Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 29. September 2022 |
| 22 | Analyse d'eau potable |
| 23 | D'Reckenger Jugendhaus / *La Maison des Jeunes de Reckange* |
| 25 | Dohigekuckt / *coup d'œil* |
| 26 | Solidaritéitsaktioun mat der Ukrain / *Action de solidarité avec l'Ukraine* |
| 27 | D'Sch(m)atzkëscht an d'Fläschep(r)ost - Eise Kaddo fir d'Rentrée |
| 27 | De PediBus |
| 28-29 | De Reckenger Léiergaart / *Le jardin pédagogique de Reckange* |
| 30 | SICONA - La période de la taille des haies a commencé |
| 31 | Klimaforum - Zesumme fir d'Klima |
| 32-33 | Tipps & Tricks fir Energie ze spueren / *Nos trucs & astuces pour faire des économies d'énergie* |
| 34 | De Fairtrade-Eck / *Le coin fairtrade* |
| 35 | Vespa on Tour & Macchina on Tour by Macchina d'Epoca |
| 36-37 | Chorale Ste. Cécile: Restart |
| 38 | Etat civil - Dites oui au bon endroit! |
| 39 | Etat civil - Mir gratuléieren! / *Félicitations!* |
| 39 | Manifestatiounskalenner / *Calendrier des manifestations* |


KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech

# Léif Matbiergerinnen a Matbierger



D'Vakanze sinn eriwwer, eis Kanner a Jugendlecher ginn nees an d'Schoul a mir mussen eis nees un dat alldeeglecht Liewe gewinnen. Dat alldeeglecht Liewen, wat genuch Grond bitt, fir mat gewësse Suergen an d'Zukunft ze kucken.

Wéi wäert den Hierscht an de Wanter ausgesinn? Musse mir nach eemol Aschränkunge vun eisem Liewe wéinst dem Coronavirus a Kaf huelen? Kenne mir mat eiser Famill a mat eise Frënn un deene verschiddene Manifestatiounen am Hierscht deelhuelen oder musse mir esouguer nees mat Ofsoe vun Theatervirstellungen oder Concerte rechnen? De Moment ginn d'Zuele vun den Infektiounen nees ferm an d'Luucht, awer glécklecherweis hält d'Zuel vun de schwéiere Verleef sech nach a Grenzen. Et bleift ze hoffen dass déi verschidde Mesuren déi geholl goufe Friichten droen, an dass mir net méi an dee selwechten Zenario ewéi de leschte Wanter kommen.

Dofir hu mir awer en anere Problem, dee mir an de Grëff kréie mussen. An zwar ass dat d'Energie. Et ass net nëmmen esou dass d'Präisser wéi geckeg an d'Luucht schéissen, an den Energiemaart extreeme Fluktuatiounen ausgesat ass, awer och d'Disponibilitéit vum Gas, dee jo och nach ëmmer gebraucht gëtt fir Stroum ze erzeugen ass net méi onbegrenzt. Dowéinst ass Energiespueren déi eenzeg Méiglechkeet déi mir hu fir dat Schlëmmst wat passéiere kann ze vermeiden: Wann net méi genuch Gas disponibel wär a verschidde Betriber dowéinst hir Produktioun ofschalte missten, wären net nëmmen Aarbechtsplazen a Gefor, mee och eng sëlleg Produite kéinten dann net méi hei produzéiert ginn. Eng Kettereaktioun mat schlëmme Konsequenze wär virprogramméiert.

Ech hoffen dass mir eis deem alleguer bewosst sinn an derzou bäidroen dass dës Situatioun ka vermidde ginn. An dësem Gemengebuet fannt dir verschidden Informatiounen an Tuyaue fir Energie anzespueren.

Um Gemengenniveau hu mir e Plang ausgeschafft fir esouvill Energie ewéi méiglech anzespueren. D'Gemengegebaier ginn op maximal 20 Grad gehëtzt, do wou d'Heizung net lafe muss gëtt se ausgeschalt, grad ewéi onnéideg Beliichtungen ausgeschalt ginn. Et ass flott ze gesinn dass eise Mataarbechter ëmmer nees kleng Iddien afale fir Energie ze spueren, déi dann och no Méiglechkeet ëmgesat ginn. An der Schoul vertraue mir drop dass d'Léierpersonal dat néidegt Fangerspëtzegefill huet fir d'Temperatur esou ze reegelen, dass de Kanner hir Gesondheet net drënner leit an awer e Maximum agespuert gëtt.

À propos Kanner: Et gëtt do och Erfreeleches ze erzielen! Kierzlech ass a Presenz vum Här Minister Claude Meisch eise Projet „Léieren am Gaart" ageweit gin. Hannert dem Pëtzenhaus hunn eis Schoulkanner mat der Hëllef vun engagéiertem Léierpersonal an Elteren, eisem Hexemeeschter an dem CIGL Esch hire Schoulgaart an d'Liewe geruff. Hei gi si net nëmme gewuer wéi Iesswueren entstinn a wat een alles an engem Gaart entdecke kann, mee si hunn och d'Méiglechkeet emol déi eng oder aner Schoulstonn e bësse méi praktesch ze erliewen – an hirem Gaart amplaz am Klassesall. Hei an dësem Buet fannt dir weider Informatiounen iwwert dës flott Realisatioun.

An dësem Sënn wënschen ech iech alleguer e schéinen Hierscht an hoffen dass mir alleguer a Rou d'Feierdeeg zum Joresenn zësumme mat Famill a Frënn préparéieren an och feiere kennen.

Carlo Muller
Buergermeeschter

# Chères citoyennes, chers citoyens

Les vacances sont terminées, nos enfants et nos adolescents retournent à l'école et nous devons nous réhabituer au train train quotidien. Cette vie de tous les jours qui nous donne, malheureusement, du fil à retordre en vue du futur.

De quoi aura l'air cet automne et cet hiver? Allons nous devoir nous soumettre à de nouvelles restrictions à cause du coronavirus? Avec nos familles et nos amis pourrons-nous participer aux différentes manifestations automnales ou devrons-nous prendre en compte de nouvelles annulations de représentations de théâtre et de concerts? En ce moment, le nombre d'infections monte en flèche sans pour autant afficher de nombreuses évolutions graves. Nous espérons tous que les mesures prises depuis des mois et des mois puissent empêcher un scénario semblable à celui de l'hiver dernier.

Car nous avons maintenant un tout autre problème, qu'il s'agira de maîtriser: l'énergie. Non seulement les prix évoluent à la hausse et le marché de l'énergie s'expose à d'extrêmes fluctuations, mais les disponibilités du gaz touchent à leur fin, ce même gaz qui est toujours et encore nécessaire à la production d'électricité. Voilà pourquoi les mesures d'économie d'énergie sont la seule véritable solution pour éviter le pire, car des quantités de gaz insuffisantes mettraient en péril les emplois et empêcheraient la production de nombreux biens. Une réaction en chaîne aux conséquences graves serait inévitable.

J'espère que tout le monde puisse prendre conscience de la situation et contribuer à l'inversion de la tendance. Dans ce bulletin communal, vous trouverez toutes sortes d'informations et tuyaux pour économiser de l'énergie.

Au niveau communal, nous avons élaboré un plan pour en économiser un maximum. Les bâtisses communales seront chauffées à 20 degrés maximum et les radiateurs qui ne sont pas obligés de tourner seront éteints. Idem pour toute illumination superflue. Nos collègues trouveront toujours de petites solutions pour remédier au problème, et ces solutions seront toujours mises en œuvre dans la mesure du possible. Au niveau de l'école, nous faisons confiance à notre personnel enseignant pour un réglage des températures à la fois propice au bien-être des élèves et à la diminution des factures.

Parlant d'enfants, permettez-moi maintenant de passer aux bonnes nouvelles: Nous avons récemment inauguré notre jardin pédagogique en présence de Monsieur le Ministre de l'Éducation Claude Meisch. Derrière le Centre Culturel Pëtzenhaus, nos élèves ont donné vie à leur jardin scolaire avec un bon coup de main de leurs enseignants, de leur parents, du Hexemeeschter et du CIGL Esch. Ici, ils pourront faire des découvertes à foison et comprendre comment poussent les denrées alimentaires tout en quittant leur salle de classe pour prendre un bon bol d'air frais. Dans cette édition du bulletin communal, vous trouverez davantage d'informations quant à ce superbe projet.

Dans cet esprit, je vous souhaite un bel automne et que vous puissiez aborder les fêtes de fin d'année avec sérénité et joie, entourés de vos proches.

Carlo Muller
bourgmestre

# Annuaire

**Heures d'ouverture de l'administration communale**
Lundi à mercredi et vendredi:
8.30 à 11.30 et 14.00 à 16.30
Jeudi: 7.00 à 11.30 et 14.00 à 19.00

**Gemeng Reckeng op der Mess**
83, rue Jean-Pierre Hilger
4980 Reckange-sur-Mess
Téléphone: 37 00 24 - 1
Fax: 37 00 24 - 44
E-Mail: commune@reckange.lu

## Collège des bourgmestre et échevins

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Carlo MULLER | bourgmestre | 621 29 91 90 | camuller@pt.lu |
| | Robert LECLERC | 1er échevin | 621 18 03 21 | robert.leclerc@reckange.lu |
| | Christian TOLKSDORF | 2e échevin | 691 30 06 76 | christian.tolksdorf@reckange.lu |

## Conseil communal

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Dominique DA COSTA | conseiller communal | | dominique.dacosta@reckange.lu |
| | Lucien FRANCK | conseiller communal | | franckl@pt.lu |
| | Sonja HEYARD-RIES | conseiller communal | | sonja.heyard@reckange.lu |
| | Marc LUDWIG | conseiller communal | 621 41 91 26 | marc.ludwig@reckange.lu |
| | Esther SCHORTGEN | conseiller communal | | esther.schortgen@reckange.lu |
| | Nicole THORN | conseiller communal | | nicole.thorn@reckange.lu |

## Services communaux

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Réception/Population/ | James THOMES | | 37 00 24 - 51 | james.thomes@reckange.lu |
| Facturation/ Etat civil | Fabienne DEL DEGAN | | 37 00 24 - 9 | fabienne.deldegan@reckange.lu |
| | Tim DRAUTH | | 37 00 24 - 1 | tim.drauth@reckange.lu |
| | Carole BECKIUS | | 37 00 24 - 23 | carole.beckius@reckange.lu |
| Secrétariat communal | Savas KOROGLANOGLOU | | 37 00 24 - 20 | savas.koroglanoglou@reckange.lu |
| Ressources humaines | Jenny MANNES | | 37 00 24 - 22 | jenny.mannes@reckange.lu |
| Receveur communal | Véronique GOBERT | | 37 00 24 - 30 | veronique.gobert@reckange.lu |
| Relations publiques | Julien PRIMOUT | | 37 00 24 - 26 | julien.primout@reckange.lu |
| Service technique | Serge VERMEULEN | | 37 00 24 - 48 | serge.vermeulen@reckange.lu |
| | Magali JACOB | | 37 00 24 - 40 | magali.jacob@reckange.lu |
| | Myrna MAININI | | 37 00 24 - 34 | myrna.mainini@reckange.lu |
| | Carole ALLAIS | | 37 00 24 - 42 | carole.allais@reckange.lu |
| | Nathalie DIAS | | 37 00 24 - 49 | nathalie.dias@reckange.lu |
| Atelier communal | Claude BOURKEL | | 26 37 09 45 | claude.bourkel@reckange.lu |
| | | | 37 13 45 | atelier@reckange.lu |
| | | | | |
| Service d'incendie | Chef de corps | Luc THINNES | 55 44 05 - 1 | thinnes.luc@cismr.lu |
| | Permanence (décès) | | 621 20 93 11 | (samedi de 9.00 - 12.00) |
| | Permanence technique | | 621 37 00 24 | (24h/24h) |
| | Garde Forestier | Luca SANNIPOLI | 621 20 21 52 | |
| | Curé | Paul MULLER | 95 80 49 | |
| | Office Social Commun | Fernand HOEPPNER | 26 11 37 26 | (8.00 - 10.00) |
| | Hexemeeschter | | 26 37 05 76 | |
| | École fondamentale Kleesenberg | | 26 37 12 21 | |
| | Maison Relais | | 26 37 12 70 | |
| | Police Porte du Sud | | 244 57 1000 | |
| | Police Esch-sur-Alzette | | 244 50 1000 | |
| | Police | | 113 | |
| | Pompiers/Ambulance | | 112 | |

## Séance du conseil communal du 7 juillet 2022

**Présents:** Carlo Muller (bourgmestre), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (échevins), Dominique Da Costa, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

**Excusé:** Lucien Franck (conseiller)

Le conseil communal approuve à l'unanimité la proposition d'ajouter un point d'urgence à l'ordre du jour de cette réunion, qui concerne l'approbation d'un acte notarié pour la cession d'une parcelle. Ce point sera ajouté au point 3.

1. **Informations du collège échevinal**
   - Des nouvelles concernant le personnel de l'administration communale: Au sein de l'atelier communal, Monsieur Claude Audry a été nommé chef de file afin de garantir une assistance du chef d'atelier dans ses tâches quotidiennes et de le remplacer en cas de besoin. Au sein du service technique, nous avons accueilli deux nouvelles collaboratrices: Madame Carole Allais et Madame Nathalie Dias. À l'atelier communal, notre nouveau collaborateur André Mendes endossera le rôle d'électricien.
   - Le collège échevinal s'est entretenu avec les responsables de la piscine PIMODI à Mondercange, où les élèves de Reckange-sur-Mess suiveront encore les cours de natation durant l'année scolaire 2022/2023. Malheureusement, ce ne sera plus le cas pour l'année 2023/2024 pour manque de place. Le collège échevinal est donc à la recherche d'alternatives. Une solution serait de collaborer avec l'association LASEP de Reckange-sur-Mess pour organiser des cours de natation les mardis après-midi. Pour ce projet, le collège est en attente de détails supplémentaires.
   - Le 6 juillet 2022, le collège échevinal s'est entretenu avec une pharmacienne, future gérante de la pharmacie qui pourra être implantée sur le territoire de la commune de Reckange-sur-Mess. Ayant obtenu la concession de la part du Ministère de la Santé pour s'implanter ici, elle a maintenant une semaine pour trouver l'endroit adequat d'entrer en contact avec les propriétaires des lieux et finaliser ses démarches.
   - L'avocat de la commune de Reckange-sur-Mess est décédé en juin 2022. Notre dossier complet a été transmis à l'un de ses confrères.
   - À vos calendriers:
     - Le 8 juillet 2022 auront lieu les portes ouvertes du Hexemeeschter - CIGL DIREGA, auxquelles tout le conseil communal a été convié.
     - Le 9 juillet 2022 aura lieu la Fête scolaire à l'Ecole Kleesenberg, avec une nouvelle édition de l'événement «Reckeng Wibbelt».
     - Le 17 septembre 2022, nous inaugurerons le jardin scolaire aménagé derrière le Centre Culturel Pëtzenhaus à Reckange (p. 28-29)
     - Le 29 septembre 2022 aura lieu la prochaine réunion publique du conseil communal, durant laquelle sera traité l'organisation scolaire définitive.

2. **Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

3. **Décision sur l'inscription d'un crédit nouveau au budget extraordinaire de l'exercice 2022**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité l'inscription d'un nouvel à article au budget au budget extraordinaire de l'exercice 2022, permettant l'acquisition d'une nouvelle tondeuse à gazon pour l'atelier communal.

4. **Approbation de trois actes notariés**
   a) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'acte de vente d'un terrain communal de 41 centiares situé à Éhlange, rue des Trois Cantons, aux résidents habitant juste devant le terrain en question. De part l'implantation du terrain en question, eux seuls pouvaient avoir un intérêt réel pour son acquisition. Le prix de vente s'élève à 1.500 €.
   b) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'acquisition d'une parcelle de terrain de 83 centiares située à Éhlange, rue du Centre. Cette acquisition a lieu dans l'intérêt public, afin d'incorporer le terrain dans la voirie publique communale. L'acte notarié pour l'acquisition de ce terrain, dont le prix s'élève à 830 €, a été signé le 27 juin 2022.
   c) Point d'urgence: Dans le cadre du PAP "Am Dall", le conseil communal approuve à l'unanimité l'acte notarié concernant la cession de plusieures parcelles à la commune de Reckange-sur-Mess.

5. **Approbation d'un compromis de vente**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité le compromis de vente portant sur l'acquisition d'un terrain de 27 centiares situé à Reckange «Beim Hohbour». Le prix d'achat est fixé à 3.100 €.

**6. Approbation d'un contrat de bail relatif à la location d'un terrain à Éhlange**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le contrat de bail portant sur la location d'une partie d'un terrain à Éhlange «Wickringerhoehl» à un résident d'Éhlange. Il s'agit là d'un chemin désaffecté d'une surface approximative de 2 ares et 40 centiares, dont le loyer annuel s'élève à 50 €. Le contrat de bail a été conclu le 30 juin 2022.

**7. Approbation d'un règlement intérieur d'utilisation de boxes de stockage dans le hall communal à Wickrange**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le règlement communal définissant les conditions d'utilisation de boxes de stockage dans le nouveau hall communal à Wickrange, permettant aux associations locales d'y entreposer leur matériel.

**8. Fixation des droits d'inscription aux cours de musique de l'UGDA**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la fixation des droits d'inscription et des tarifs en matière d'enseignement musical pour tous les cours ne bénéficiant pas de la gratuité prévue par la loi du 27 mai 2022, loi portant sur l'organisation de l'enseignement musical dans le secteur communal. Le collège échevinal propose les tarifs suivants:

| Tarifs | | |
|---|---|---|
| **Par branche** | < 18 ans* | ≥ 18 ans* |
| **cours individuel** | gratuit | 100 € |
| **cours collectif** | gratuit | 100 € |

**9. Enseignement musical - approbation de l'organisation scolaire 2022/2023 et de la convention y relative**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la fixation des frais de fonctionnement pour l'année scolaire 2022/2023 à 203.996,33 €. Pour les cours collectifs et individuels, le tarif unitaire est fixé a 5.787,13 € par heure de cours par année. Au total, 103 élèves de la commune de Reckange-sur-Mess sont inscrits à l'école de musique de l'UGDA.

**10. Office social commun - Approbation de la convention pour l'exercice 2022**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention signée entre l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg, les communes de Bertrange, Dippach, Kehlen, Kopstal, Leudelange, Mamer et Reckange-sur-Mess et l'office social, convention réglant les relations entre les communes précitées relatives à l'organisation et au financement des activités de l'office social commun à Mamer.

**11. Approbation de la convention collective de travail pour les salarié-e-s des communes du Sud**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la version restructurée et les annexes de la convention collective des salariés des communes du sud pour la période du 1er janvier 2019 au 31 décembre 2021, signée le 21 avril 2022 à Esch-sur-Alzette entre les communes signataires et les organisations syndicales OGBL et LCGB, représentant les salariés communaux.

**12. Détermination d'autres lieux pour la célébration de mariages et de déclaration de partenariats civils**
Suite à la loi du 8 juin 2022, le conseil communal approuve à l'unanimité la désignation de deux bâtiments communaux supplémentaires à la maison communale, pour la célébration de mariages et de déclarations de partenariats civils. À cet effet, le collège échevinal propose deux bâtiments adaptés à ce type d'événements: le Centre de Rencontre «Um Buer» à Éhlange, 2, rue de Roedgen et le Centre culturel Pëtzenhaus à Reckange-sur-Mess, 1, rue de la Montée.

**13. Allocation de subsides aux associations locales et pour l'exercice 2022**
Le conseil communal approuve à l'unanimité d'arrêter les subsides pour l'exercice 2022, tels que présentés par le collège échevinal sur base de la délibération du conseil communal du 26 mars 2020 portant sur l'approbation d'un nouveau règlement communal relatif à l'allocation de subsides ordinaires annuels aux associations communales.

**14. Décision sur l'octroi de subsides extraordinaires**
a) Le conseil communal approuve à l'unanimité d'octroyer à l'association Fiederball Reckeng/Mess un subside extraordinaire de 1.000 € à l'occasion des festivités de son 20e anniversaire.
b) Le conseil communal approuve à l'unanimité d'octroyer à l'association LASEP Reckange/Mess un subside extraordinaire de 1.000 €.
c) Le conseil communal approuve à l'unanimité d'octroyer au Centre d'intervention et de secours Mondercange - Reckange/Mess a.s.b.l. un subside extraordinaire de 10.000 €.
d) Le conseil communal approuve à l'unanimité d'octroyer à Abram a.s.b.l. un subside extraordinaire de 500 € afin de soutenir un projet de chantier international solidaire au Brésil, «Semedoki».

**15. Divers (Questions au collège échevinal)**
En fin de réunion, diverses questions ont été soulevées et discutées et des réponses ont été formulées concernant notamment le chantier du contournement de Dippach-Gare, l'Action «Gielt Band», la gestion des chantiers sur le territoire de la commune, les transports scolaires, les destinations du Messbus, le réaménagement du sentier didactique Pol Felten, la renaturalisation des places de parking à Limpach, de nouvelles tables et chaises pour le centre culturel Pëtzenhaus, l'adhésion au service Babyplus de l'Initiative «Liewensufank», l'installation de nouveaux bancs sur les chemins champêtres et l'installation d'un coin barbecue près du terrain de pétanque à Reckange-sur-Mess.

## Sëtzung vum Gemengerot vum 7. Juli 2022

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (Schäffen), Dominique Da Costa, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

**Entschëllegt:** Lucien Franck (Conseiller)

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Virschlag, e Point d'Urgence op d'Dagesuerdnung vun dëser Reunioun ze setzen, bei deem et ëm d'Geneemegung vun engem Acte Notarié geet, bezüglech der Cessioun vun engem Grondstéck. Dëse Punkt gëtt ënnert dem Punkt 3 bäigefüügt.

1. **Informatioune vum Schäfferot**
   - Nouvellen zum Gemengepersonal: Am Gemengenatelier gouf den Här Claude Audry zum Chef de File ernannt fir dem Chef d'atelier a sengen alldeeglechen Aarbechten ënnert d'Äerm ze gräifen an falls néideg dësen ze ersetzen. Am Service Technique empfänke mir zwou nei Mataarbechterinnen: D'Madamm Carole Allais an d'Madamm Nathalie Dias. Am Gemengenatelier heesche mir den Här André Mendes als neien Elektriker wëllkomm.
   - De Schäfferot huet sech mat der Verantwortleche vun der PIMODI Schwemm vu Monnerech ënnerhal iwwert d'Schwammcoursen fir d'Reckenger Schüler. Fir d'Schouljoer 2022/2023 kënnen eis Schoulkanner nach do ënnerriicht ginn, mee fir d'Joer 2023/2024 ass leider keng Plaz méi. Et kéint ee probéiere mat der LASEP vu Reckeng op der Mess ze schaffen, a soumat d'Coursen an den Nomëtteg ze verleeën. Fir dëse Projet waart de Schäfferot op weider Detailer.
   - De 6. Juli 2022 huet sech de Schäfferot mat der zukünfteger Gerante vun der Apdikt ënnerhalen, déi sech um Territoire vun der Gemeng Reckeng op der Mess néierloossen dierf. Si krut d'Erlabnis vum Gesondheetsministere fir eng Concessioun op eisem Territoire a si huet elo eng Woch fir déi adequat Plaz ze fannen, mat de Proprietären en Accord ze fannen an hir Demarchen ze finaliséieren.
   - Den Affekot vun der Gemeng Reckeng op der Mess ass am Juni 2022 verscheet. Eisen Dossier gouf un ee vu senge Confrèren virugeleet.
   - Fir an d'Kalenneren:
     - Den 8. Juli 2022 fannen d'Portes Ouvertes vum Hexemeeschter - CIGL DIREGA statt. De Gemengerot gouf op dës Festivitéiten agelueden.
     - Den 9. Juli 2022 fënnt d'Schoulfest um Campus Kleesebierg statt, zesumme mat enger neier Ausgab vu Reckeng Wibbelt.
     - De 17. September 2022 weie mir de Reckenger Léiergaart hannert dem Pëtzenhaus an. (Cf. S. 28-29)
     - Den 29. September 2022 fënnt déi nächst ëffentlech Sëtzung vum Gemengerot statt, wärend där dann och déi definitiv Schoulorganisatioun gestëmmt gëtt.

2. **Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung.

3. **Entscheedung iwwert d'Inscriptioun vun engem neie Kredit am extraordinäre Budget vum Joer 2022**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Inscriptioun vun engem neie Kredit am extraordinaire Budget vum Joer 2022, deen d'Uschafung vun engem neie Méitrakter fir de Gemengenatelier erméiglecht.

4. **Geneemegung vun dräi Notairesakten**
   a) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Verkaf vun engem Gemengenterrain vun 41 Zentiar zu Éileng, rue des Trois Cantons, un déi Awunner, déi just hannert dem betraffene Grondstéck leien. Well den Terrain sech do befënnt, konnten och nëmme si e reellen Interêt drun hunn. De Verkafspräis beleeft sech op 1.500 €.
   b) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Uschafung vun enger Parzell vun 83 Zentiar zu Éileng, rue du Centre. Dës Acquisitioun fënnt am Kader vum ëffentlechen Interessi statt a gëtt soumat an den Gemengendomaine integréiert. Den Notairesakt fir d'Uschafung vun dësem Terrain, mat engem Präis vun 830 €, gouf de 27. Juni 2022 ënnerschriwwen.
   c) Point d'Urgence: Am Kader vum PAP "Am Dall" geneemegt de Gemengerot eestëmmeg d'Notairesakt iwwert d'Cessioun vu verschiddene Parzellen, déi zesummen 2 Ar grouss sinn, un d'Gemeng Reckeng op der Mess.

5. **Geneemegung vun engem Compromis de Vente**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Compromis de Vente iwwert d'Uschafung vun engem Terrain vu 27 Zentiar zu Reckeng „Beim Hohbour". Den Uschafungspräis läit bei 3.100 €.

6. **Geneemegung vun engem Contrat de Bail iwwert d'Locatioun vun engem Terrain zu Éileng**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Contrat de Bail iwwert d'Locatioun vun engem Deel vun engem Terrain zu Éileng an der "Wickringerhoehl" un een éilenger Bierger. Et handelt sech heibäi ëm e stëllgeluechten Tréppelwee vun enger Gesamtfläch vun ca. 2 Ar a 40 Zentiar mat engem Joresloyer vu 50€. De Contrat de Bail gouf den 30. Juni 2022 ënnerschriwwen.

**7. Geneemegung vun engem interne Reglement iwwert d'Notzung vu Stockageboxen an der Gemengenhal zu Wickreng**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg dat internt Reglement iwwert d'Notzung vu Stockageboxen an der neier Gemengenhal zu Wickreng, deen et de lokale Veräiner erméiglече wäert, hiert Material ënnerzebréngen.

**8. Fixatioun vun den Aschreiwungsrechter fir d'Musekscourse vun der UGDA**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Fixatioun vun den Aschreiwungsrechter fir d'Musekscourse vun der UGDA a vun de jeeweilegen Tariffer fir all déi Musekscoursen an déi, laut Gesetz vum 27. Mee 2022 iwwert d'Organisatioun vum Museksunterrecht am Gemengesecteur, net gratis sinn. De Schäfferot schléit follgend Tariffer vir:

| Tariffer | | |
|---|---|---|
| **Pro Branche** | < 18 ans* | ≥ 18 ans* |
| **Eenzelcours** | gratis | 100 € |
| **Kollektivcours** | gratis | 100 € |

**9. Museksunterrecht - Geneemegung vun der Schoulorganisatioun 2022/2023 an hirer Konventioun**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Fixatioun vun de Betriibskäschte vum Schouljoer 2022/2023 op 203.996,33€. Fir d'Kollektiv- an Eenzelcoursen, gëtt den unitären Tarif op 5.787,13 € pro Stonn pro Joer fixéiert. Am Ganze sinn 103 Reckenger Schüler an der UGDA Museksschoul ageschriwwen.

**10. Office social commun - Geneemegung vun der Konventioun fir d'Joer 2022**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Konventioun tëschent dem Lëtzebuerger Stat, de Gemenge Bartreng, Dippech, Kielen, Koplescht, Leideleng, Mamer a Reckeng op der Mess an dem Office Social, déi d'Bezéiungen tëschent de genannte Gemengen zu der Organisatioun an dem Finanzement vun den Aktivitéiten vum Office Social Commun zu Mamer reegelt.

**11. Geneemegung vun engem Aarbechtskollektivvertrag fir d'Salarié.e.ën aus de Südgemengen**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg déi restrukturéiert Versioun vum Kollektivvertrag vun de Salariéen aus de Sudgemengen fir d'Zäitspan vum 1. Januar 2019 bis den 31. Dezember 2021, déi den 21. Abrëll 2022 zu Esch/Uelzecht ënnerschriwwe gouf, a Géigewaart vun de Gemengen an den zwou Syndikatsorganisatiounen OGBL an LCGB, déi d'Gemengesalariéen vertrieden.

**12. Designatioun vun anere Gemengeraimlechkeete fir Hochzäiten a PACSen ze feieren**

Op Basis vum Gesetz vum 8. Juni 2022 geneemegt de Gemengerot eestëmmeg d'Designatioun vun zwee neie Gemengegebaier, zousätzlech zum Gemengenhaus, fir Hochzäiten a PACSen ze feieren. Dofir schléit de Schäfferot zwee Gebaier vir, déi fir dësen Typ un Evenementer adaptéiert sinn: De Centre de Rencontre Um Buer zu Éileng um 2, rue de Roedgen an de Centre Culturel Pëtzenhaus zu Reckeng op der Mess um 1, rue de la Montée.

**13. Allokatioun vu Subsidë fir d'Gemengeveräiner fir d'Joer 2022**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Subsidë vum Joer 2022, sou wéi se vum Schäfferot virgestallt goufen, op Basis vun der Deliberatioun vum Gemengerot vum 26. Mäerz 2022 zu der Approbatioun vun engem neie Gemengereglement iwwert d'Allokatioun vun ordinäre Joressubsidë fir d'Veräiner aus der Gemeng Reckeng op der Mess.

**14. Entscheedung iwwert d'Ausbezuele vun extraordinäre Subsiden**

a) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ausbezuele vun engem Subside vun 1.000 € fir de Veräin Fiederball Reckeng/Mess fir d'Festivitéite vu sengem 20. Anniversaire.
b) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ausbezuele vun engem extraordinäre Subside vun 1.000 € fir d'LASEP Reckeng/Mess.
c) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ausbezuele vun engem extraordinäre Subside vun 10.000 € fir de Centre d'intervention et de secours Mondercange - Reckange/Mess a.s.b.l.
d) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ausbezuele vun engem extraordinäre Subside vu 500 € fir d'Abram a.s.b.l. fir d'Ënnerstëtzung vum Projet „Semedoki", engem internationale Chantier a Brasilien.

**15. Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)**

Um Enn vun der Sëtzung goufe verschidde Froe formuléiert, diskutéiert a beäntwert, ënner anerem iwwert de Chantier vum Contournement vun Dippech-Gare, d'Aktioun Gielt Band, d'Chantiersgestioun um Gemengenterritoire, de Schoultransport, d'Destinatioune vum Messbus, d'Reamenagement vum Felten's Pol sengem Léierpad, d'Renaturéierung vun de Parkplazen am Agank vu Lampech, d'Adhesioun un d'Babyplus-Servicer vun der Initiative Liewensufank, d'Uschafung vun neie Bänken a Still fir d'Pëtzenhaus, d'Installatioun vun neie Bänken op de Feldweeër an d'Installatioun vun engem Grilleck beim Petanquesterrain zu Reckeng op der Mess.

## Séance du conseil communal du 18 août 2022

**Présents:** Carlo Muller (bourgmestre), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (échevins), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

**Par visioconférence:** Esther Schortgen (conseillère)

1. **Informations du collège échevinal**
   - Le 20 juillet 2022, le collège échevinal s'est entretenu avec son conseiller du pacte logement 2.0. Le collège échevinal en a profité pour décrire ses attentes quant aux différents projets, bâtiments et terrains en possession de la commune et, par conséquent, leur destinée. Nous attendons l'élaboration de propositions venant de sa part. Ce sujet sera présenté, détaillé et amplement traité lors d'une future séance du conseil communal.
   - Après le congé collectif, certains chantiers débuteront sur le territoire de la commune:
   - Du 22 au 26 août 2022, la couche de roulement de la rue Jean-Pierre Hilger à Reckange sera entièrement renouvelée. Il s'agit d'un chantier communal qui nous poussera à barrer cette rue à toute circulation pendant la durée du chantier. Un avis a été distribué aux riverains concernés.
   - Le 28 août 2022, le nouveau collecteur d'eaux usées sera aménagé en dessous du carrefour à Éhlange menant à Pissange. Là aussi, il s'agit d'un chantier communal qui nous force à barrer la route entre Éhlange et Pissange pendant plusieurs semaines.
   - Le 29 août 2022, la couche de roulement sur la route entre Reckange et Limpach sera renouvelée. La route sera barrée à partir du rond-point et le trafic sera réglé par des feux tricolores.
   - Dans le cadre du chantier ci-dessus, le rond-point en question sera totalement barrée à la circulation du 5 au 7 septembre 2022. Les Ponts & Chaussées mettrons en place les déviations.
   - Réponses à certaines questions soulevées lors de la dernière séance:
     - Esther Schortgen: En ce qui concerne la potentielle adhésion au service Babyplus de l'Initiative «Liewensufank», une entrevue avec le collège échevinal est prévue pour le 14 septembre 2022.
     - Sonja Heyard: En ce qui concerne l'installation de bancs sur les champs et prairies reckangeois, le service technique est en discussion avec le garde forestier.
     - Nicole Thorn: En ce qui concerne l'acquisition de nouvelles tables et chaises pour le Centre Culturel Pëtzenhaus, le collège échevinal informe que les tables dotés de ce système, démontables et empilables, ne sont plus fabriquées. Il s'agit cependant de la seule solution permettant un stockage des tables adéquat.
     - Dominique Da Costa: En ce qui concerne le coin barbecue à aménager auprès de la piste de pétanque à Reckange, le collège échevinal se fait de réels soucis quant à la sécurité et la gestion des déchets engendrés.
   - À vos calendriers:
     - Le 17 septembre 2022, nous inaugurerons le jardin scolaire aménagé derrière le Centre Culturel Pëtzenhaus à Reckange (p. 28-29)
     - Le 29 septembre 2022 aura lieu la prochaine séance publique du conseil communal.

2. **Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

3. **Création de deux postes de salariés à tâche intellectuelle en vue de garantir le service PediBus et transport scolaire par bus**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité la création de deux postes de salariés à tâche intellectuelle en vue de garantir le service de transport scolaire «PediBus» respectivement du service de transport scolaire par bus. En effet, la commune de Reckange-sur-Mess souhaite mettre en place le service PediBus dans la localité de Reckange-sur-Mess, ceci à partir de la rentrée scolaire 2022/2023. A cet effet, il y a lieu de recruter des accompagnateurs assurant la surveillance aux arrêts PediBus ainsi que pendant le trajet jusqu'à l'école et le retour.

4. **Approbation d'un règlement communal relatif à l'utilisation du service PediBus**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité le règlement communal relatif à l'utilisation du service PediBus, tel que présenté par le collège échevinal.

5. **Décision sur l'inscription d'un crédit nouveau au budget extraordinaire de l'exercice 2022**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité l'inscription au budget extraordinaire de l'exercice 2022 un article permettant l'aménagement du parcours PediBus et l'achat du matériel adéquat avec un crédit de 5.000 €.

6. **Approbation d'un contrat de bail**
   Le conseil communal approuve à 8 voix et une abstention le contrat de bail conclu entre un particulier et la commune de Reckange-sur-Mess, portant sur la location d'une remise intégrée dans un hall d'une surface

de 84 m², pour y déposer du matériel moyennant un loyer mensuel de 400 €.

7. **Approbation de la convention tripartite 2022 pour la Maison des Jeunes**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention tripartite 2022 pour la Maison des Jeunes, couvrant la période de financement de la Maison des Jeunes d'Éhlange du 1er janvier au 31 décembre 2022. Les frais totaux s'élèvent à 143.964 € dont 50% sont financés par la commune de Reckange-sur-Mess et 50% par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.

8. **Fixation des nuits blanches pour l'année 2023**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la prorogation des heures d'ouverture jusqu'à 3 heures du matin de tous les débits de boisson de la commune du 1er janvier au 31 décembre 2023 pendant les nuits du:
a) localités de Reckange, Roedgen et Pissange:
• samedi, le 29.04.2023 au dimanche, le 30.04.2023 (kermesse)
b) localité d'Éhlange:
• samedi, le 29.07.2023 au dimanche, le 30.07.2023 (kermesse)
c) localité de Limpach:
• samedi, le 19.08.2023 au dimanche, le 20.08.2023 (kermesse)
d) pour toute la commune:
• samedi, le 18.02.2023 au dimanche, le 19.02.2023 (carnaval)
• dimanche, le 30.04.2023 au lundi, le 01.05.2023 (Fête du Travail)
• mardi, le 08.05.2023 au mercredi, le 09.05.2023 (Journée de l'Europe)
• jeudi, le 22.06.2023 au vendredi, le 23.06.2023 (Veille de la Fête Nationale)
• dimanche, le 31.12.2023 au lundi, le 01.01.2024 (St. Sylvestre)

9. **Approbation de deux conventions concernant des projets de protection de la nature à réaliser en 2022**
a) Dans le cadre de l'installation d'une clôture sur une longueur de 560 mètres, l'installation d'une clôture barbelée sur une longueur de 1.195 mètres, la plantation de 3 chênes et divers autres petits travaux à Wickrange, «Eschbich», la commune doit être en possession de l'autorisation du propriétaire concerné. Le conseil communal approuve à l'unanimité la ratification d'une convention dans ce sens en ce qui concerne le projet à réaliser sur base du programme annuel soumis au conseil communal par le syndicat SICONA.
b) Au même endroit, une clôture barbelée doit être installée sur une longueur de 175 mètres et la commune doit être en possession de l'autorisation du propriétaire concerné. Le conseil communal approuve donc à l'unanimité la ratification d'une convention dans ce sens.

10. **Divers (Questions au collège échevinal)**
En fin de réunion, diverses questions ont été soulevées et discutées et des réponses ont été formulées concernant notamment la vitesse des camions quittant le chantier sur le territoire de la commune de Dippach dans la rue de Russange, la mise à disposition de produits hygiéniques pour dames dans les toilettes des locaux communaux, la destinée de l'aire de jeux dans la rue du Centre à Wickrange et sur une éventuelle campagne de sensibilisation par rapport au gaspillage d'eau.

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 7 juillet 2022, a **approuvé un règlement intérieur d'utilisation des boxes de stockage dans le hall sis à Wickrange**. Le règlement de la sorte a été visé par Madame la Ministre de l'Intérieur le 18 juillet 2022 réf. 83exd048.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 26 juillet 2022.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Robert Leclerc, échevin**
**Christian Tolksdorf, échevin**

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 7 juillet 2022, a **fixé les droits d'inscription relatifs aux cours de musique organisés en collaboration avec l'école de musique de l'UGDA**, décision approuvée par arrêté grand-ducal le 29 juillet 2022 et par Madame la Ministre de l'Intérieur le 17 août 2022, référence 83fx184e8/as.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 18 août 2022.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Robert Leclerc, échevin**
**Christian Tolksdorf, échevin**

# Sëtzung vum Gemengerot vum 18. August 2022

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (Schäffen), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Nicole Thorn (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

**Iwwer Videokonferenz:** Esther Schortgen (Conseillère)

1. **Informatioune vum Schäfferot**
   - Den 20. Juli 2022 huet sech de Schäfferot mat sengem neie Beroder vum Pacte Logement 2.0 ënnerhalen. De Schäfferot huet d'Geleeënheet genotzt, fir seng Erwaardunge géigeniwwer verschiddene Gemengegebaier auszedrécken a soumat festzeleeën, wat genau mat hinne geschéie soll. De Beroder schafft Virschléi aus, op déi elo gewaart ginn. Dëst Thema wäert an noer Zukunft an enger ëffentlecher Sëtzung vum Gemengerot virgestallt a behandelt ginn.
   - No dem Kollektivcongé wäerten um Gemengenterritoire eng ganz Reih Chantiere lassgoen:
     - Vum 22. bis 26. August 2022 wäert de Makadamm an der Rue Jean-Pierre Hilger komplett erneiert ginn. Et handelt sech heibäi ëm e Gemengechantier deen eis dozou zwéngt, d'Strooss komplett fir de Verkéier ze späre wärend der ganzer Dauer vun den Aarbechten. Déi betraffen Awunner kruten en Avis ausgedeelt.
     - Den 28. August 2022 gëtt en neien Deel vum Ofwaasserkollekter ënnert d'Kräizung zu Eileng Richtung Pisseng geluecht. Hei handelt et sech och ëm e Gemengechantier deen eis dozou zwéngt, d'Streck tëschent Eileng a Piisseng wärend e puer Wochen ze spären.
     - Den 29. August 2022, gëtt de Stroossebelag op der Streck tëschent Reckeng a Lampech erneiert. Dës Streck wäert ab dem Kreessverkéier gespaart sinn an eng rout Luucht wäert op dëser Plaz de Verkéier reegelen.
     - Am Kader vun dem Chantier hei driwwer wäert de Kreessverkéier eemol komplett gespaart ginn, dëst vum 5. bis de 7. September 2022. D'Ponts & Chaussées këmmere sech ëm d'Mise en Place vun den Deviatiounen.
   - Äntwerten op verschidde Froen, déi an der leschter ëffentlechter Sëtzung vum Gemengerot gestallt goufen:
     - Esther Schortgen: Betreffend der Adhésioun un d'Babyplus-Servicer vun der Initiative Liewensufank ass eng Entrevue mam Schäfferot fir de 14. September 2022 virgesinn.
     - Sonja Heyard: Betreffend d'Installatioun vun neie Bänken op eise Feldweeër, sou ass de Service Technique amgaange mam Fierchter d'Optiounen duerchzespillen.
     - Nicole Thorn: Betreffend der Uschafung vun neie Bänken a Still fir de Centre Culturel Pëtzenhaus informéiert de Schäfferot dass déi aktuell Dëscher en Ofmonteier- a Stapelsystem hunn, dee sou net méi fabrizéiert gëtt. Dobäi handelt et sech allerdéngs ëm deen eenzege System, mat deem ee beim Stockéiere wierklech Plaz spuert. De Stock vum Pëtzenhaus ass net grouss genuch, fir aner Dëscher ënnerzebréngen.
     - Dominique Da Costa: Betreffend dem Grilleck bei der Petanquespiste zu Reckeng mécht de Schäfferot sech Gedanken iwwert d'Sécherheet an d'Offallgestioun, déi sou eng Plaz erfuerdert.
   - Fir an d'Kalenneren:
     - De 17. September 2022 weie mir de Reckenger Léiergaart hannert dem Pëtzenhaus an. (Cf. S. 28-29)
     - Den 29. September 2022 fënnt déi nächst ëffentlech Sëtzung vum Gemengerot statt.

2. **Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung.

3. **Kreatioun vun zwee Salariésposte am Kader vum PediBus- a Schoulbusservice**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Kreatioun vun zwee Salariésposten am Kader vum PediBus- a Schoulbusservice. D'Gemeng wëll ab der Rentrée 2022/2023 e PediBus-Service an der Uertschaft Reckeng ubidden. An deem Sënn sollen zwee Begleeder agestallt ginn, déi d'Surveillance op den Arrêten a wärend dem Trajet Richtung Schoul an zeréck heem garantéieren.

4. **Geneemegung vun engem Gemengereglement am Kader vun der Notzung vum PediBus**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Gemengereglement zur Notzung vum PediBus, sou wéi dëst vum Schäfferot virgestallt gouf.

5. **Entscheedung iwwert d'Inscriptioun vun engem neie Kredit an den extraordinäre Budget vum Joer 2022**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Inscriptioun vun engem neie Kredit vu 5.000 € an den extraordinäre Budget vum Joer 2022, deen d'Käschte vum Amenagement vum PediBus deckt an d'Uschafung vum néidege Material erméiglecht.

6. **Geneemegung vun engem Mietvertrag**
De Gemengerot geneemegt mat 8 Stëmmen an enger Enthalung de Mietvertrag deen tëschent enger Privatpersoun an der Gemeng Reckeng op der Mess ënnerzeechent gouf. An dësem Kontrakt geet et ëm d'Locatioun vun enger Hall vu $84m^2$ fir d'Ofstelle vu Material. D'Locatioun beleeft sech op 400 € de Mount.

7. **Geneemegung vun der Convention Tripartite 2022 fir d'Reckenger Jugendhaus**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Convention Tripartite 2022 fir d'Reckenger Jugendhaus, déi seng Finanzéierung vum 1. Januar bis 31. Dezember 2022 deckt. D'Gesamtkäschte belafe sech op 143.964 €, vun deene 50% vun der Gemeng Reckeng op der Mess a 50% vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend finanzéiert ginn.

8. **Fixatioun vun de fräien Nuechte fir d'Joer 2023**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Prorogatioun vun den Ëffnungszäite bis 3 Auer moies fir all Wiertschaft an der Gemeng, dëst vum 1. Januar bis 31. Dezember 2023 wärend den Nuechte vun:
a) Uertschafte Reckeng, Riedgen a Piisseng:
• Vu Samschdes de 29.04.2023 op Sonndes, le 30.04.2023 (Kiermes)
b) Uertschaft Éileng:
• Vu Samschdes, den 29.07.2023 op Sonndes, den 30.07.2023 (Kiermes)
c) Uertschaft Lampech:
• Vu Samschdes, den 19.08.2023 op Sonndes, den 20.08.2023 (Kiermes)
d) Fir déi ganz Gemeng:
• Vu Samschdes, den 18.02.2023 op Sonndes, den 19.02.2023 (Fuesend)
• Vu Sonndes, den 30.04.2023 op Méindes, den 01.05.2023 (1. Mee)
• Vun Dënschdes den 08.05.2023 op Mëttwoches, den 09.05.2023 (Europadag)
• Vun Donneschdes den 22.06.2023 op Freides, den 23.06.2023 (Virowend vun Nationalfeierdag)
• Vu Sonndes, den 31.12.2023 op Méindes, den 01.01.2024 (Silvester)

9. **Geneemegung vun zwou Konventiounen am Kader vun Naturschutzprojete fir d'Joer 2022**
a) Am Kader vun der Installatioun vun engem Drot vu 560 Meter, d'Installatioun vun engem Stacheldrot vun 1.195 Meter, d'Planzung vun 3 Eechen a verschidden aaner kleng Aarbechten zu Wickreng "Eschbich", muss d'Gemeng a Besëtz vun der Erlaabnis vum concernéierte Propriétaire sinn. De Gemengerot geneemegt eenstëmmeg d'Ratifikatioun vun enger passender Konvention op Basis vum Joresprogramm vum Syndikat SICONA, sou wéi dësen dem Gemengerot virgestallt gouf.
b) Op der selwechter Plaz muss e Stacheldrot vun 175 Meter installéiert ginn an d'Gemeng muss a Besëtz vun der Erlaabnis vum concernéierte Propriétaire sinn. De Gemengerot geneemegt dohir eestëmmeg d'Ratifikatioun vun dëser Konvention.

10. **Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)**
Um Enn vun der Sëtzung goufe verschidde Froe formuléiert, diskutéiert a beäntwert, ënner anerem iwwert d'Vitess, mat deenen d'Camionen aus dem Chantier op Dippecher Territoire an der Rue de Russange erausfueren, d'Zurverfügungstellung vun Dammen-Hygienesartikelen op den Toilettë vun de Gemengebaier, d'Zukunft vun der Spillplaz an der Rue du Centre zu Wickreng an eng eventuell Sensibiliséierungscampagne iwwert Waasserverbëtzen.



Postkaart aus der Loftperspektiv vun der Uertschaft Reckeng, aus der Kollektioun vun der Postkaarten Editiounsfirma „Combier imprimeur Mâcon" (CIM). D'Photo gouf tëschent 1949 an 1968 geholl.

*Carte postale avec vue aérienne du village de Reckange. Photo prise entre 1949 et 1968, issue de la collection de la société éditrice de cartes postales «Combier imprimeur Mâcon» (CIM).*

Dohigekuckt
*Coup d'œil*



Eng dräidimensional Kadasterfoto (geoportail.lu, August 2022)

*Une photo de cadastre en trois dimension (geoportail.lu, août 2022)*

## Séance du conseil communal du 29 septembre 2022

**Présents:** Carlo Muller (bourgmestre), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (échevins), Dominique Da Costa, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

**Excusés:** Lucien Franck, Sonja Heyard (conseillers)

À l'ordre du jour de cette séance du conseil communal a été ajouté un point d'urgence concernant des affaires personnelles et donc traité en huis-clos.

**1. Informations du collège échevinal**

- Le 8 août 2022 a eu lieu un webinaire organisé par le Ministère de l'Environnement concernant les mesures d'économies d'énergie visant les administrations communale et la campagne de sensibilisation pour les citoyens qui s'en suit.
- Le même jour a eu lieu une réunion avec les représentants du CIPA Waassertrap de Sanem dans le cadre de la mise en place du Centre Intégré pour Personnes âgées de Reckange-sur-Mess qui sera implanté à Wickrange. En octobre 2022, le collège échevinal a rendez-vous chez le notaire pour la signature de l'acte d'acquisition du terrain en question. Il s'en suivra la création d'un syndicat et d'un groupe de travail d'experts.
- Le 14 septembre 2022, nous avons mis en place le service PediBus en compagnie de l'accompagnatrice responsable, Madame Patricia Strasser. Le service a démarré le jour de la rentrée et se met doucement en place. Nous vous invitons à découvrir des détails supplémentaires en page 27.
- Le 21 septembre 2022, une entrevue avec des responsable du Ministère de l'Environnement et de l'Administration de la nature et des forêts a eu lieu dans le cadre de la classification en zone naturelle protégée de la forêt de Leudelange. La commune de Reckange-sur-Mess n'est que partiellement concernée par cette démarche, son terrain ne s'étendant qu'à moindre mesure dans cette forêt.
- Le 22 septembre 2022, le collège échevinal s'est entretenu avec un promoteur dans le cadre du droit de préemption que la commune a décidé d'exercer concernant la vente de terrains à Ehlange « Um Weierfeld » et « Op de Quäärten ».
- Le 28 septembre 2022 a eu lieu une rencontre avec le collège échevinal de Dippach pour un premier échange concernant le CIPA de Reckange-sur-Mess.
- À vos calendriers:
  - Le 8 octobre 2022 aura lieu la Journée de la Commémoration Nationale. Après la messe de 17.30 heures auront lieu le dépôt des gerbes près du Monument aux Morts ainsi qu'un vin d'honneur dans le hall du centre culturel Pëtzenhaus.
  - Le 10 novembre 2022 aura lieu la prochaine séance publique du conseil communal.
  - Le 24 novembre 2022 aura lieu une réunion de travail du conseil communal pour l'élaboration du budget communal de l'exercice 2023.
  - Le 8 décembre 2022 aura lieu la séance du conseil communal dans lequel sera voté le budget de l'exercice 2023.
  - Le 14 janvier 2023 aura lieu la fête de fin d'année pour le personnel de la commune de Reckange-sur-Mess.

**2. Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

**3. Décision quant au projet d'aménagement particulier à Pissange, «Am Päsch»**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le projet d'aménagement particulier à Pissange, «Am Päsch», concernant l'aménagement de 12 maisons unifamiliales dont 7 isolées et 5 jumelées ainsi qu'un immeuble collectif de 10 unités de logement. Le projet a été publié en conformité avec la loi, pendant trente jours, et aucune réclamation n'a été recueillie. L'avis de la cellule d'évaluation auprès du Ministère de l'Intérieur a été émis et le projet a été modifié sur base de l'avis.

**4. Approbation d'un avenant à la convention et du dossier d'exécution pour la réalisation d'un plan d'aménagement particulier**

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'adaptation des plans d'exécution pour la mise en œuvre et l'exécution du plan d'aménagement particulier à Wickrange «Op dem Pad», dans le cadre de l'avenant à la convention d'exécution du 26 septembre 2019 ainsi que le dossier d'exécution.

**5. Décision sur l'exercice d'un droit de préemption sur des parcelles à Éhlange**

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'exercice du droit de préemption sur les parcelles situées «Um Weierfeld» et «Op de Quäärten» à Éhlange.

**6. Rénovation de la façade de la mairie et du pavillon – approbation d'un devis supplémentaire**

Le conseil communal approuve à six voix contre une le devis supplémentaire de 35.000 € pour les travaux de façade du pavillon, le bâtiment annexe à la maison communale. Cette rénovation aura lieu au même moment que la rénovation de la maison communale, dont le devis de 30.000 € avait été approuvé durant la séance du conseil communal du 10 février 2022.

**7. Approbation de morcellements de terrains**

a) Le conseil communal approuve à l'unanimité le morcellement proposé par le collège échevinal et concernant une parcelle située à Pissange en vue d'un aménagement extérieur cohérent avec la création d'un arrêt de bus.

b) Le conseil communal approuve à l'unanimité le refus d'un projet de morcellement d'une parcelle située à Roedgen, morcellement qui serait non-conforme à l'article 7 du PAP-QE et créerait ainsi une situation illégale.

**8. Approbation d'un plan de délimitation et modification de la limite de section**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le plan de délimitation et de modification de la limite de section permettant de réunir deux parcelles à Éhlange et Wickrange. La demande est conforme aux dispositions du PAG et du PAP QE.

**9. Approbation d'un nouveau règlement sur les bâtisses, les voies publiques et sites de la commune de Reckange-sur-Mess**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le règlement sur les bâtisses réadapté par le collège échevinal qui, suite à son approbation lors de la séance du 19 mai 2022, avait soulevé certaines remarques de la part de Madame la Ministre de l'Intérieur.

**10. Approbation d'un nouveau règlement-taxe en matière d'urbanisme**

Vu le point 9) de l'ordre de jour portant sur l'approbation d'un nouveau règlement sur les bâtisses, les voies publiques, le conseil communal approuve à l'unanimité le nouveau règlement-taxe en matière d'urbanisme. Les taxes applicables en matière d'urbanisme concernent, entre autres, les constructions affectées à l'habitation, les construction affectées à une activité agricole, les constructions jusqu'à 2000 m$^2$ affectées à une activité autre que l'habitation. Les taxes de chancellerie sont fixées pour les demandes en autorisation de bâtir par commerce, infrastructure et autre construction non destinés au logement en fonction de la superficie exploitée, pour toutes les constructions agricoles, par appartement, par maison unifamiliale ou bifamiliale et pour toute transformation ou agrandissement de construction existante générant de la surface habitable, pour tous les autres projets nécessitant une autorisation de construire, pour toute fermeture de chantier ordonnée par le bourgmestre et pour l'instruction d'un projet d'aménagement particulier.

**11. Piscine Mondercange Dippach – Approbation de la convention**

Le conseil communal approuve à l'unanimité la nouvelle convention signée entre le bureau de la piscine Pimodi et le collège des bourgmestre et échevins. Les positions essentielles de cette convention se résument comme suit:

- mise à disposition de la piscine Pimodi aux classes de l'enseignement fondamental de la commune de Reckange-sur-Mess à savoir les samedis matin de 08.00 à 11.00 heures.
- durée de la convention: année scolaire 2022/2023 avec reconduction tacite d'année scolaire en année scolaire à moins d'être résiliée avant le 15 juin de l'année scolaire en cours.
- participation financière pour l'année scolaire 2022/2023 : 59.000 € payable par tranches trimestrielles de 19.666,67 €.








10.-11.09.2022 - Haxefest vun der CISMR a.s.b.l. / *La fête du jarret de l'a.s.b.l. CISMR.*

**12. Approbation de vingt-neuf décomptes relatifs à des travaux extraordinaires**
Le conseil communal approuve à l'unanimité vingt-neufs décomptes relatifs à des travaux extraordinaires, tels que présentés par le collège échevinal.

**13. Approbation d'un règlement communal pour la location et l'utilisation de la buvette mobile «Zap-a Spullweenchen»**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le règlement communal pour la location et l'utilisation de la buvette mobile «Zap-a Spullweenchen» que la commune de Reckange-sur-Mess propose de mettre à disposition des associations locales, des commissions consultatives et des structures d'enseignement et d'accueil de la commune de Reckange-sur-Mess dans le cadre de leurs manifestations.

**14. Approbation d'un règlement-taxe pour le nettoyage du «Zap-a Spullweenchen»**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le règlement-taxe fixant les frais de nettoyage à 75 € par manifestation.

**15. Modification du budget ordinaire de l'exercice 2022**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification du budget ordinaire de l'exercice 2022 comprenant des recettes nouvelles, respectivement dépenses en moins de 326.500 € et des dépenses nouvelles, respectivement recettes en moins de 267.815 €.

**16. Décision sur l'inscription d'un crédit nouveau au budget ordinaire de l'exercice 2022**
Le conseil communal approuve à l'unanimité l'inscription d'un crédit nouveau au budget ordinaire de l'exercice 2022 qui couvrira les frais des cours de natation que le collège échevinal de Reckange-sur-Mess, en collaboration avec la ligue des associations sportives de l'enseignement fondamental LASEP, souhaite proposer aux élèves de l'école fondamentale de Reckange-sur-Mess à partir de la rentrée scolaire 2022/2023.

**17. Approbation de trois actes notariés**
a) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'acte notarié concernant la vente d'un terrain situé à Éhlange, rue du Centre, de 28 centiares à une société d'Éhlange. Cette parcelle est implantée à l'avant de la propriété de la société en question, ayant elle seul un intérêt réel pour l'acquisition de ce terrain. Le prix de vente s'élève à 500 €. L'acte notarié a été signé le 16 août 2022.
b) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'acte notarié portant sur l'acquisition d'une parcelle de terrain à Reckange-sur-Mess, «Beim Hohbour» de 27 centiares et ceci dans l'intérêt publique, plus spécialement pour son incorporation dans la voirie publique communale. Le prix de vente de la part du propriétaire s'élève à 3.100 €. L'acte notarié a été signé 26 août 2022.
c) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'acte notarié concernant une cession gratuite de terrains de 42 centiares destinés à une utilisation publique de la part d'une société basée à Éhlange.

**18. Approbation de l'organisation scolaire définitive**
Le conseil communal approuve à l'unanimité l'organisation définitive pour l'année scolaire 2022/2023, telle que présentée par Monsieur l'échevin scolaire Christian Tolksdorf.

**19. Autorisation pour ester en justice – Appel contre un jugement du tribunal d'arrondissement de Luxembourg**
Le conseil communal approuve à 6 voix contre une la proposition du collège échevinal d'interjeter appel contre un jugement rendu par le Tribunal d'arrondissement siégeant en matière civil.

**20. Approbation d'une résolution au sujet des efforts supplémentaires d'économies d'énergie**
Le conseil communal adopte à l'unanimité la résolution en vue de réduire la consommation d'énergie, telle que stipulée dans circulaire ministérielle du 5 août 2022 intitulée «Vigilance sur la consommation d'énergie – économies d'énergie». Dès lors, l'administration communale s'efforcera à limiter la température de chauffage dans les bâtiments communaux à 20° C durant les jours ouvrables et, dans la mesure du possible, l'abaissement supplémentaire en dehors ces heures. Elle fera une révision et un réglage des chaudières des bâtiments communaux et installera une nouvelle chaudière dans l'école fondamentale, éteindra la chaudière et les installations électriques dans les centres culturels de la commune de Reckange-sur-Mess en cas de non-utilisation et limitera l'éclairage des bâtiments publics au strict minimum en tenant compte des consignes de sécurité. Dans la mesure du possible, éteindre l'éclairage public entre 1.00 heure et 5.00 heures du matin à partir du 1er novembre 2022, ceci dans le respect des consignes de sécurité et limiter le temps d'éclairage et l'envergure de l'illumination de noël. De plus, elle organisera des campagnes de sensibilisation à l'économie d'énergie avec le grand public et les associations locales.

**21. Statuts «Borussia MG Fanclub Lëtzebuerg a.s.b.l.» - prise de connaissance par le conseil communal**
Le conseil communal prend connaissance des statuts de la «Borussia MG Fanclub Lëtzebuerg a.s.b.l.».

**22. Divers (questions au collège échevinal)**
Aucune question n'a été adressée au collège échevinal.

**23. Présentation de la nouvelle application mobile «CityApp Reckange-sur-Mess»**
Nous vous invitons à découvrir ses atouts sur la page de présentation suivante.

# D'Gemeng Reckeng op der Mess an Ärer Täsch!

## *La commune de Reckange-sur-Mess dans votre poche!*

**De Schäfferot vu Reckeng op der Mess ass houfreg Iech déi fonkelnei CityApp virzestellen:**

**Bleift um Courant vun allem wat an Ärer Gemeng leeft:**

- Entdeckt déi neisten Aktualitéiten an Evenementer
- Adaptéiert d'Notifikatiounen un Är Interessen a Besoinen
- Gräift op den Offallkalenner zeréck a gitt benoriichtegt, wéini Dir Är Poubellë rausstelle sollt

**Dréckt Iech aus a kommunizéiert direkt mat Ärer Gemeng:**

- Deelt de Gemengeservicer mat, wann eppes am ëffentleche Raum net esou ass, wéi et soll
- Kontaktéiert direkt d'Gemeng




***Le collège échevinal de Reckange-sur-Mess est heureux de vous présenter sa CityApp:***

***Restez au courant de ce qui se passe dans votre commune :***

- *Découvrez les dernières actualités et évènements*
- *Des notifications adaptables à vos intérêts et besoins*
- *Accédez aux dates des ramassages des déchets et recevez une notification pour vous rappeler de sortir les poubelles*

***Exprimez-vous et communiquez directement avec votre commune :***


- *Signalez aux services communaux un dysfonctionnement dans l'espace public*
- *Contactez directement la commune*


Disponibel op:
*Disponible sur:*

Lued se elo erof:
*Téléchargez-la maintenant:*

App Store Play Store



# Sëtzung vum Gemengerot vum 29. September 2022

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (Schäffen), Dominique Da Costa, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

**Entschëllegt:** Lucien Franck, Sonja Heyard (Conseilleren)

Op den Ordre du Jour vun dëser Sëtzung vum Gemengerot gouf e Point d'Urgence bäigesat dee Personalaffären deckt. Aus deem Gronn gouf dësen am Huis-Clos behandelt.

**1. Informatioune vum Schäfferot**

- Den 8. August 2022 huet e Webinaire stattfonnt, dee vum Ëmweltministère organiséiert gouf an d'Energiespuermoossname fir d'Gemengen an d'Sensibilisatiounscampagne fir d'Bierger betraff huet.
- De selwechten Dag huet eng Reunioun mat Vertrieder vum CIPA Waassertrap vu Suessem stattfonnt, am Kontext vun der Kreatioun vum Fleegeheem vu Reckeng op der Mess, deen zu Wickreng gebaut gëtt. Am Oktober 2022 huet de Schäfferot Rendezvous beim Notaire fir den Uschafungsakt vum betraffenen Terrain z'ënnerschreiwen. Och wäert fir dëse Projet e Syndikat an Aarbechtsgrupp mat Experte gegrënnt ginn.
- De 14. September 2022 hu mir de Service PediBus an d'Liewe geruff, zesumme mat senger Begleederin, der Madamm Patricia Strasser. De Service ass den Dag vun der Rentrée gestart an hëlt lues a lues Faart un. Entdeckt méi Detailer op der Säit 27 vun dësem Buet.
- Den 21. September 2022 huet eng Entrevue mat Vertrieder vum Ëmweltministère a vun der Natur- a Bëschverwaltung stattfonnt, well de Leidelenger Bësch als Naturschutzzon klasséiert gëtt. D'Gemeng Reckeng ass vun dëser Demarche just deels betraff, well sech op eisem Territoire just wéineg Fläch Leidelenger Bësch befënnt.
- De Schäfferot huet sech mat engem Promoteur iwwert en Droit de Préemption ënnerhal, deen d'Gemeng exerzéiere wëll beim Verkaf vun Terrainen zu Éileng, „Um Weierfeld" an „Op de Quäärten".
- Den 28. September 2022 huet de Schäfferot sech mam Dippecher Schäfferot getraff fir en éischten Austausch iwwert de geplangte CIPA zu Reckeng op der Mess.
- Fir an d'Kalenneren:
  - Den 8. Oktober 2022 fënnt den Nationale Commemoratiounsdag statt. No der Mass um 17.30 Auer leeë mir d'Gerbë beim Monument aux Morts néier a lueden d'Bierger op en Eierewäin am Hall vum Pëtzenhaus an.
  - Den 10. November 2022 fënnt déi nächst ëffentlech Sëtzung vum Gemengerot statt.
  - De 24. November 2022 fënnt eng Aarbechtssëtzung statt fir d'Elaboratioun vum Gemengebudget 2023.
  - Den 8. Dezember 2022 fënnt déi ëffentlech Sëtzung vum Gemengerot statt, wou de Gemengebudget 2023 gestëmmt gëtt.
  - De 14. Januar 2023 fënnt d'Joresennfeier fir d'Personal vun der Gemeng Reckeng op der Mess statt.

**2. Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung.

**3. Entscheedung iwwert de PAP „Am Päsch" zu Piisseng**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de PAP "Am Päsch" zu Piisseng, deen den Amenagement vun 12 Eefamilljenhaiser betrëfft, dovunner 7 fräistoend Haiser a 5 Jumeléeë souwéi eng Residenz mat 10 Wunnengen. De Projet gouf gesetzeskonform wärend 30 Deeg publizéiert, ouni dass et zu Reklamatioune koum. D'Evaluatiounscellule vum Inneministere huet en Avis formuléiert deen zu enger Modifikatioun vum Projet gefouert huet.

**4. Geneemegung vun engem Avenant vun der Convention d'Execution fir d'Realisatioun vun engem PAP**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Upassung vun den Executiounspläng fir d'Ëmsetzung vum PAP zu Wickreng, "Op dem Pad", am Kader vum Avenant vun der Convention d'Execution vum 26. September 2019 souwéi säin Executiounsdossier.

**5. Entscheedung iwwert d'Ausféiere vun engem Préemptiounsrecht op Parzellen zu Éileng**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Exercice vum Préemptiounsrecht op Parzellen zu Éileng, „Um Weierfeld an „Op de Quäärten".

**6. Renovéierung vun der Fassad vun der Gemeng a vum Pavillon - Geneemegung vun engem zousätzlechen Devis**

De Gemengerot geneemegt mat 6 Stëmme géint eng en zousätzlechen Devis vu 35.000 € fir d'Fassadenaarbechten um Pavillon, der Annexe vum Gemengenhaus. Dës Renovatioun wäert am selwechte Moment stattfanne wéi déi vun der Fassad vun vum Gemengenhaus, fir déi ursprénglech 30.000 € an der ëffentlecher Sëtzung vum 10. Februar 2022 virgesi goufen.

**7. Geneemegung vu verschiddene Morcellementer**

a) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg dat vum Schäfferot virgestallte Morcellement vun enger Parzell zu Piisseng, déi beim Bau vun enger Bushaltestell en adequat Amenagement vum Bausseberäich erméiglecht.

b) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Refus vun engem Morcellementsprojet vun enger Parzell zu Riedgen, well dëst Morcellement net konform zum Artikel 7 vum PAP-QE ass an zu enger illegaler Situatioun féiere géing.

**8. Geneemegung vun engem Delimitatiounsplang a vun enger Ännerung vun enger Sektiounslimitt**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Delimitatiouns- an Ännerungsplang fir d'Sektiounslimitten, deen en Zesummeféiere vun zwou Parzellen zu Éileng a Wickreng erméiglecht. Dës Demande ass konform zu den Dispositioune vum PAG a vum PAP QE.

**9. Geneemegung vun engem neie «Règlement sur les bâtisses, les voies publiques et sites» vun der Gemeng Reckeng op der Mess**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg dat vum Schäfferot ugepasste Bautereglement. Dëst Reglement hat, no senger Geneemegung an der ëffentlecher Sëtzung vum Gemengerot vum 19. Mee 2022, verschidde Remarquë vum Inneministere ervirgeruff.

**10. Geneemegung vun engem neien Taxereglement a Saachen Urbanismus**
Mat Bezuch op de Punkt 9 vun dësem Ordre du Jour, dee sech op d'Geneemegung vum neie Bautereglement bezitt, geneemegt de Gemengerot eestëmmeg dat neit Taxëreglement a Saachen Urbanismus. Déi applizéierbar Taxe betreffen ënner anerem Wunnkonstruktiounen, Konstruktioune fir agraresch Aktivitéiten a Konstruktioune vun iwwer 2.000 m$^2$, déi fir aner Zwecker wéi Wunne benotzt ginn. D'Chancelleriestaxe gi fixéiert fir d'Baugeneemegunge vu Geschäftsraimlechkeeten, Infrastrukturen a Bauten déi net fir Wunnzwecker benotzt ginn, jee no benotzter Fläch. Och gi se fixéiert fir landwirtschaftlech Bauten, fir Appartementer, fir Een- a Méifamilljenhaiser a fir Transformatiounen oder Vergréisserunge vun der Wunnfläch, déi Baugeneemegungen ënnerleien, fir all vum Buergermeeschter ordonéiert Chantiersschléissung a fir all Instruktioun vun engem PAP.

**11. Schwemm vu Monnerech - Dippech - Geneemegung vun enger Konventioun**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg déi nei Konventioun, déi tëschent dem Bureau vun der Schwemm Pimodi an dem Reckenger Schäfferot ënnerzeechent gouf. Déi wichtegst Positioune sinn déi follgend:
- D'Zurverfügungstellung vun der Schwemm Pimodi fir d'Primärschoulsklasse Samschdes Moies vun 8.00 bis 11.00 Auer.
- Dauer vun der Konventioun: Schouljoer 2022/2023 mat enger Reconduction tacite vu Schouljoer zu Schouljoer, ausser d'Konventioun gëtt virum 15. Juni vum Schouljoer, dat amgaang ass, resiliéiert.












**01.10.2022 - Urban Nightcross 2022 - Optakt vum Championat am Cyclocross / *Top départ pour le championnat de cyclocross***
Dräi Reckenger um Podium! Layla Barthels (1. Plaz Dammen Espoirs), Maïté Barthels (2. Plaz Dammen Espoirs) & Ken Conter (2. Plaz Hären Elite)
*Trois Reckangeois sur le podium! Layla Bathels (1e place dames espoirs) , Maïté Barthels (2e place dames espoirs) & Ken Conter (2e place hommes élite)*

- Finanziell Bedeelegung fir d'Schouljoer 2022/2023 vun 59.000 €, an trimesteriellen Tranchë vun 19.666,67 € bezuelbar.

**12. Geneemegung vun 29 Decompten iwwert extraordinär Aarbechten**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg 29 Decomptë betreffend extraordinär Aarbechten, sou wéi si vum Schäfferot virgestallt goufen.

**13. Geneemegung vun engem Gemengereglement fir d'Locatioun an d'Benotzung vun eisem Zap- a Spullweenchen**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Gemengereglement fir d'Locatioun an d'Benotzung vun eisem Zap- a Spullweenchen, deen d'Gemeng Reckeng op der Mess de lokale Veräiner, de Kommissiounen an dem Léier- an Educatiounspersonal am Kader vun hire Manifestatiounen zur Verfügung stelle kann.

**14. Geneemegung vum Zap- a Spullweenche sengem Taxereglement**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Taxereglement fir den Zap- a Spullweenchen, dat 75€ pro Manifestatioun festhält fir d'Botzkäschten ze decken.

**15. Modifikatioun vum ordinäre Budget vum Joer 2022**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Modifikatioun vum ordinäre Budget vum Joer 2022. Dëse betrëfft nei Recetten, bezéiungsweis manner Ausgabe vun 326.500 € an nei Ausgaben, bezéiungsweis manner Recettë vun 267.815 €.

**16. Entscheedung iwwert d'Aschreiwung vun engem neie Kredit am ordinäre Budget vum Joer 2022**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Aschreiwung vun engem neie Kredit am ordinäre Budget vum Joer 2022, deen d'Käschte betreffend de Schwammcoursen deckt, déi d'Gemeng Reckeng op der Mess an Zesummenaarbecht mat der Ligue des associations sportives de l'enseignement fondamental (LASEP) de Kanner aus der Reckenger Grondschoul ab der Schoulrentrée 2022/2023 ubidde wëll.

**17. Geneemegung vun dräi Notairesakten**

a) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Verkafsakt vun engem Terrain vun 28 Zentiar zu Éileng an der Rue du Centre un eng éilenger Firma. D'Parzell läit vir um Grondstéck vun der Firma, an nëmme si huet e reellen Interet un der Uschafung dovun. De Verkafspräis beleeft sech op 500 €. Den Notairesakt gouf de 16. August 2022 ënnerschriwwen.

b) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Notairesakt fir d'Uschafung vun enger Parzell vu 27 Zentiar zu Reckeng op der Mess „Beim Hohbour", an dëst fir se an den ëffentleche Beräich z'implantéieren. De Verkaafspräis beleeft sech op 3.100 €, den Notairesakt gouf de 26. August 2022 ënnerschriwwen.

c) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Notairesakt iwwert eng gratis Iwwergab vun Terraine vun enger Gesamtfläch vun 42 Zentiar. Dës Terrainen, déi fir eng ëffentlech Notzung bestëmmt sinn, gi vun enger éilenger Firma iwwerginn.

**18. Geneemegung vun der definitiver Schoulorganisatioun**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg déi definitiv Schoulorganisatioun fir d'Joer 2022/2023, sou wéi se vum Här Schoulschäffe Christian Tolksdorf virgestallt gouf.

**19. Geneemegung fir eng Klo anzereechen - Appell géint e Jugement vum Lëtzebuerger Bezierksgeriicht**
De Gemengerot geneemegt mat 6 Stëmme géint eng de Virschlag vum Schäfferot an Appell ze goe géint e Jugement vum Lëtzebuerger Bezierksgeriicht am ziville Beräich.

**20. Geneemegung vun enger Resolutioun iwwert zousätzlech Beméiunge fir Energie ze spueren**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Resolutioun mam Zil d'Energieconsommatioun ze verréngeren, sou wéi dëst an der Circulaire ministerielle „Vigilance sur la consommation d'énergie" – économies d'énergie vum 5. August 2022 virgesinn ass. D'Administratioun wäert sech beméien, d'Heizungstemperatur an de Gemengegebaier op maximal 20°C wärend den Ëffnungszäiten ze begrenzen an ausserhalb vun dësen nach zousätzlech erofzesetzen. Eng Revisioun an eng Upassung vun all de Chaudièrë gëtt ageplangt an an der Grondschoul gëtt eng nei Chaudière installéiert. Wann eis Kulturzentren net benotzt ginn, ginn d'Chaudièren an d'elektresch Installatiounen ausgemaach an d'Beliichtung vun den ëffentleche Gebaier gëtt op e Minimum reduzéiert, ouni d'Sécherheetsvirschrëften ze vernoléissegen. Mat der selwechter Virsiicht ginn, esou gutt et geet, d'Stroosseluuchten tëschent 1.00 a 5.00 Auer moies ab dem 1. November 2022 ausgemaach. Och d'Chrëschtbeliichtung kritt manner grouss Ausmoossen an d'Beliichtungszäit gëtt limitéiert. Zousätzlech gi Sensibiliséierungscampagnen a Saachen Energiespuere fir d'Bierger a fir d'lokal Veräiner organiséiert.

**21. Statute vun der „Borussia MG Fanclub Lëtzebuerg a.s.b.l." - Prise de connaissance vum Gemengerot**
De Gemengerot hëlt d'Statute vun der „Borussia MG Fanclub Lëtzebuerg a.s.b.l." zur Kenntnis.

**22. Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)**
Dem Schäfferot goufe keng zousätzlech Froe gestallt.

**23. Virstellung vun der neier „CityApp Reckange op der Mess"**
Mir lueden iech an all seng Virdeeler op der Säit 18 vun dësem Gemengebuet z'entdecken.

**Wat ass e Jugendhaus?**
**En Treff an Austausch fir Jonker vu 12 bis 26 Joer!**

